

Wouhier kënt d'Lëtzebuergesch/2?

Dat ass deer Froen eng, déi dacks gestallt ginn. D'Äntwert: aus dem Indogermaneschen. Mä wat ass dat? Dat ‚Nascht‘ läit natierlech op Indien an de Länner aus deer Géigend zou. E sëllege ‚Wëssenschaftler‘ hunn iwregens och e sëllegen Explikatiounen iwver d'Wéi vun alle Sproochen, et sinn der ongeféier 15, déi Wuerzelen am Indogermaneschen hunn; si stënnen nach laang net all openeen! Dann därefer mir ‚Männercher‘ äis jo einfach froen, firwat mir äis solle speziell Kappbrieches iwver desén Zou- an Émstand maachen... et ass ower interessant, emol driwwer ze ‚grimmelen‘.

Beim griecheschen Historiker Herodot (484-425 v. Chr.) fënnt een den Ausdrock ‚karmanioi‘, wouvun dat Wuert ‚Germanisch‘ eng Zort Ofwandlung ass, dat dann och all déi Sprooche mat deselwechte Wuerzele mengt.

Wéi gesot: et ass natierlech ganz interessant, mä et kann ee sech et och ouni dat Wësse gutt goe loossen. ☺ Mat alle Sproochen, déi duerch Joerhonnerten an eise ronn 2500 km² ‚de passage‘ waren, ass liicht ze verstoen, datt d'Lëtzebuergesch eng zimlech apaart Plaz an deem ganze Sproochgewulls kritt huet. Am Fong ass eis Sproochsituatioun, wéinst eiser Geschicht, der Schoul, der Duerch- an d'Awanderung eenzergart op der Welt! Dir kënt elo mengen, d'Schwäiz hätt déiselwecht; dat stëmmt ower net esou, well do gëtt et kloer Trennung jee no der Géigend: déi däitsch, romanesch, franséisch a rätho-romanesch! Mir brauchen äis dofir net eeschtlech ze ‚mengen‘, ower d'Geschicht vum Grand-Duché weist dat ganz kloer!

Ganz sécher hu mir eng Sprooch-Chance mat eiser Situatioun, wat engem vrun

allem Leit soen, déi op Konferenzen oder soss Organisatiounen vun anere Länner eist Land muse verrieden. Den Här Pierre Werner huet all Kéier geschmunzt, wann hie mir vun esou Geleenten erzielt huet. Wéi ech dem President Mitterrand dat vru senger offizieller Visite zu Lëtzebuerg auserneen hunn däreferen din, deen iwregens knapps e Wuert Däitsch oder Englesch ‚op Lager‘ hat, guff deen net fäerdeg mat sech ze wonnen... huet et ower ganz kloer als eng Chance gesin!

Déi kleng Iwwerleeungen hunn ower och eng méi drubbeleg Säit: Hei am Gespréich mat engem Ausländer wiessele mir am Duerchschnitt vill ze séier an deem seng Sprooch; huelen him domat direkt d'Chance, e puer Wutze Lëtzebuergesch opzeschnapen.

Wa mir also hei iwver den Ufank vun alle Sprooche rieds hunn, dann därefer een net vergiessen, datt et sech net nëmme em déi ‚indogermanesch‘ kann dréinen, well wéi steet et da mat dem Arabeschen, dem Chineseschen, dem Japaneschen, de sëllegen Idiomen aus Afrika. ‚Mir‘ maachen do dach héchstens 10% vun der Weltpopulation aus, an dat wäert mam Zouhuele vun der Mënschzuel an Afrika an den nächste Generatiounen nach vill méi gewaltig ginn. Ower, wéi gesot: Et schued kengem eppes, wann een emol e puer Gedanken iwver déi Saach eriwverzéie léisst. Deer mécht den Trump an den USA sech ganz sécher keng... emol net, vu wou seng Famill hierkënt. ☺



De Jos huet eng gelungen Uluecht fir ze trântelen.

D'Ketty mécht sech houfreg noneen.

Maach dech dach net esou, du Trëllert!

Dee gëtt sech net mat sengem Geschnuddels.

Et fiseimt, an dat gëtt nawell hënt Glëtz.

D'Kënni jäizt a wänzelt sech vu Péng.

Dat wieren dann emol rëm eng hallef Dose kleng Beispiller, déi sech net ‚eeriicht‘ an eng aner Sprooch brätsche loossen. Mir sinn ze séier mam Behaupten do, dat wier dach Däitsch... dat stëmmt ower guer a glat net; vläicht just, wann déi kleng Eegenart vun eiser Mammesprooch äis egal ass. Dës an Honnerte vun anere Beispiller sinn eng giedeleg Manéier, fir op dat ‚Spezifesch‘ vun eisem klengen Idiom ze weisen.

Mä Bouw / Mä Jong?

Wann ech mech net ‚stoussen‘, da giff ech mengen, a ganz Däitschland wier et ‚mein Junge, mäin Sohn/Söhnchen... just a Bayern giff Bub/Buab‘ gesot.

An eiser Sprooch ass e Jong ënner 18 Joer am Fong e Bouw, mä duerno gëtt vum ‚Jong/Fils/ Fiston geschwat. Et kënt een dach gelunge vir, wa fir e Mann vu 45 Joer vu sengem ‚Bouw‘ gesot gëtt, oder?

Wat ass eng Schnok?

Et gëtt vun e sëllege Leit vum Reenert geschwat; hie steet och bal e Joerhonnert um Knuedeler an dir kënt en zu Wolz am Reenert-Perk oder ‚op der Lann‘ bewonneren... ower wien huet e gelies? An der Geschicht vum Fuuss sinn e ganze Quascht mënschlech Wouerechte aus dem Mond vun Déiere verpaakt; de Michel Radange huet der kéipweis a genial an seng Zäit an eis Géigend gesat; datt de Goethe Pättr vun deer Initiativ war, liest sech ewell aus dem Titel eraus; och de JWG huet d'Geschicht ower net erfond, well mir fannen se ewell am Mët-

telalter als ‚Reynarde de Vos‘; do virdu an den däischesteren Zäiten am Griecheschen an Indeschen...also Weltliteratur am Raum an der Zäit. Et kann ee kengem eppes verdenken, deen de Reenert net gelies huet, mä et kann een ower kuerz-gespëtz ‚Wutzedichter‘ genéissen, déi deelweis witzeg oder ‚mat engem Féngerche‘ kommen; déi loosse sech och méi liicht behalen an ‚opsoen‘. Dofir gëtt et dann eng Serie vu Schnokebichelcher; zwee sinn der do, an dat drëtt ass ferm an der Maach. Hei dann emol rëm eng Schnokelchen aus deer Sammlung:

Chance!

En décke Boss hat all seng Leit
an eng grouss Hal bestallt;
do rífft hie gläich ee Jong eraus
an dee gëtt virgestallt:

Du bass vrun enger Dose Méint
bei äis an d'Firma komm;
Du hues all Positioun begéint,
wars ëmmer fläisseg an net domm.

Dofir gëss Du dann lo de Boss
A vum Betrieb de Kapp.
Deen huet sech dat gär so' geloss
a lount dodrop:

Mä villmools merci... gudde Papp!

Eiser Dictionnaren

lert den éischten ‚offiziellen‘ Dictionnaire fir d'Lëtzebuergesch an den 30er Joeren op d'Schinn gesat ginn ass, haten ewell eng Partit Leit sech mat deer Saach ofginn, esouguer och den Dicks, dann den Dokter Weber an en etlech anerer. Do guff da virum leschte Krich eng ‚offiziell‘ Comissioun agesat, déi och duerno weidergefuer ass; mir däreferen och un déi perséinlech Differenzen denken, déi et leider téscht dichtege Sproochleit an deem ganze Gemierwels gi sinn. An de 50er Joere kumm dann den 1. Band eraus;

zugudderlescht waren et der 4 plus her-no ee méi dënne Bändchen. Dat war guer keng esou iwvel Saach, mä et huet och nach laang net alles dra gestan, wat eis Sprooch uechter d'Land opweises huet.

Eent ass sécher: Desén Dictionnaire war e gudde Fong; et wier nëmme richtig gewiescht, wann dat Wiederbuch iwwerschaft gi wier, fir d'Saach komplett ze maachen. Vun deem, wat elo an deer Saach geschitt kann een hale wat ee wëllt. Vill ze liicht ginn ewell ‚auslännesch‘ Ausdréck eragehol, déi just e puermol vu ‚sproocharme‘ Leit aus der Medielandschaft gebraucht ginn, dacks och deer, wou mir eiser eegener Wieder/Ausdréckweisen hunn. Leider muss een drun zweiwelen, ob déi Dictionnairespezialise vun haut an eiser Literatur ‚doheim‘ sinn: Bei engem Marcel Reuland, Tit Schroe-

der, Alain Atten, Abbé Keup, Jemp Hoscheit, Claudine Muno, vläicht och ärem Schreiwier senger Wéinegkeet.

Nach eng kleng Wouerecht fir mat op de Wee: Et huet nach keen eng Sprooch mat engem Dictionnaire oder ‚Linguistik‘ geléiert; op deem Gebitt geet näischt iwver de liewege Gebrauch an d'Liesen!

Hei den Dictionnaire Henri Rinnen/Will Reuland.
Mir hunn deer ewell 3, an den ‚Zenter fir d'Lëtzebuergesch‘ ass fir äis all offiziell do!



Alt nach emol: eis Schreifweis

Eis Sprooch huet nun emol bis op sech selwer (trântelen, gierksen, Krunn, Bratzel asw.); dem Däitschen (Hoffnung, Erfahrung.); dem Franséischen (Trottoir, Pneu, merci asw.) op d'mannst Wieder aus 2-3 Sproochen: Dat hunn déi aner net an deer Mooss... an dofir ass et plazeweis och esou kriddleg bis problematesch fir eis ze schreiwien.

Dat Einfachst ass am Fong, ‚friem‘ Wieder an hirer Original-Schreifweis ze loosse a keen ‚Trottuar, Pnö, Garaasch asw. eranze quëtschen.

Dës Fassong fir d'Saach ze kucke fënt net jiddere gutt, apaart déi, déi ni vrun enger Klass gestanen hunn; vun engem Pädagog aus gesin ass et ower ganz sécher déi verstännegst. Et soll emol beduecht ginn, mat wat een déi rabbelkappeg bis geckeg mécht, déi Sprooche solle schreiwie léieren. Falsch ass ganz sécher eent: d'Lëtzebuergesch kann ee schreiwie wéi ee wëllt. Dat geet net, wann een et verstänneg mat eiser Sprooch mengt... well jo soss keen dem anere säint liest!